



**Äntwert vun der Madamm Justizministesch Elisabeth MARGUE op d'parlamentaresch Fro n°19
vum 13. November 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT iwwert den Dateschutz
am Kader vun enger geriichtlecher Affär**

Et sief bemierkt, dass all geriichtlech Prozedur am Prinzip muss kontradiktoresch sinn ("principe du contradictoire"), wat heescht, dass all Partei muss viru Geriicht convoquéiert ginn an dass all Partei muss d'Méiglechkeet hunn hier Argumenter a Rechter viru Geriicht duerzeleeën.

D'Exigenz vun enger kontradiktorescher Prozedur viru Geriicht ass an enger Rei internationale Konventiounen festgeschriwwen, esou zum Beispill an der europäescher Mënscherechtskonventioun, un déi och Lëtzebuerg gebonnen ass.

D'Coordonnéë vun de convoquéierte Parteien sinn en Deel vun der Decisioun vum Geriicht.

Et gëtt eng Ausnam zu der Exigenz d'Nimm an d'Adress vun de Parteien an enger Decisioun unzeginn, nämlech am Fall vun enger "élection de domicile" op enger anerer Adress.

Et ginn aktuell Iwwerleeunge gefouert fir en institutionaliséierten Affer-an Zeieschutzprogramm opzestellen fir Affer an Zeie vu Strofdote besser ze beschützen.

Och wäert am Kader vun der Reform vum Jugendschutz dofir gesuergt ginn, dass eng Transmissioun vu geriichtlechen Donnéeën vun de betraffene Kanner un aner Administratiounen am Respekt vum Dateschutz stattfënnt. De Gesetzesprojet n°7994 gesäit och vir, dass d'Jugendgeriicht d'Méiglechkeet kritt am Fall vun engem Placement vun engem Kand d'Anonymitéit vum Wunnuert vum Kand ze decidéieren. D'Jugendgeriicht soll dëst maache kënnen, wann d'Anonymitéit vum Wunnuert am Interessi vum Kand ass. Falls d'Anonymitéit vum Riichter decidéiert gëtt, ass et verbueden dem Titulaire vun der Autorité parentale de Wunnuert vum Kand matzedeelen.

De Gesetzesprojet iwwert d'Rechter vun de Kanner déi Affer oder Zeie vun enger Strofdot sinn, gesäit eng Rei Schutzmesurë fir dës Kanner vir, ënnert anerem och d'Méiglechkeet vun enger "élection de domicile".

Lëtzebuerg, den 14. Dezember 2023

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue